



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29. November 2017

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame
Ëmweltminister an den Här Banneminister weiderzeleeden.

An Zesummenaarbecht mat engem private Promoteur ass d'Gemeng Déifferdeng am Gaang e
Wandmillen-Projet ze plangen. Dëse soll zu Uewerkuer um Plateau realiséiert ginn, eng 550 m vun
den éischte Wunnhaiser ewech a mat Wandmillen, déi eng Héicht ëm 200 m hunn. An enger
Informatiounsversammlung goufen de Gemengenawunner d'Resultater vun den Etuden iwuer
d'Ëmwelt an dësem Kontext presentéiert.

Déi obligatoresch Etuden iwuer d'Auswierkungen op d'Awunner beschränken sech op d'Analys vun
dem Kaméidi, dem Schiet an der Gefor vum Äis op den Dréifligelen. Et ginn awer nach vill aner
méiglech Auswierkungen a Geforen, wéi Infraschall a Wellen an de Brandrisiko, wat alles net
analyséiert gouf. An engem Interview um RTL-Radio huet de Staatssekretär Camille Gira den
21.10.2014 erkläert, datt mir an dësem Kader eng national Gesetzgebung fir de Kaméidi hunn, awer
fir déi reschtlech Aspekter géingen déi däitsch Normen applizéiert ginn.

Wat de Brandrisiko vun engem Dréifligel ugeet, huet d'Federalunioun vun den däitsche
Beruffspompjeeë recommandéiert, en Distanzminimum vu 500 m anzehalen an a Wandrichtung aus
Virsiicht souguer 1000 m. Am Fall vun Uewerkuer, wou d'Wunnhaiser sech a Wandrichtung
befannen, géing dës Richtlinn also net berécksiichtegt ginn.

“Sollte es zu einem Feuer im oberen Teil der WEA gekommen sein [...]. Besonders wichtig ist in diesem
Fall das Schaffen eines Sicherheitsbereichs durch äußerst weiträumiges Absperren. Bei dem Abbrennen
ist von herabfallenden Teilen auszugehen (ein Zusammenfallen der gesamten Anlage hingegen ist
unwahrscheinlich). Daher muss ein Radius von mindestens 500 Metern unzugänglich gemacht werden,
bei markanten Winden ist in Windrichtung das Doppelte einzuplanen.” -Deutscher Feuerwehrverband,
Fachempfehlung (März 2008, überarbeitet Mai 2012).

An deem Kontext hätt ech e puer Froen un d'Regierung:

1. Huet Lëtzebuerg selwer en nationaalt Gesetz an dësem Sënn? Wann net, huet d'Regierung da virgesinn esou eent ze schafen?
2. Falls keen eegent nationaalt Gesetz besteet, gouf hei dann déi däitsch Norm amplaz berécksiichtegt?
3. Wéini gëtt am Sënn vum beschriwwene Virsiichtprinzip gehandelt? Am Hibléck op déi geplangten Distanz vu manner wéi 1000 m, ass de Schutz vun den Awunner, deenen hir Wunnhaiser zu engem groussen Deel an der Wandrichtung (süd-west) situéiert sinn, garantéiert? Firwat gëtt hei net am Sënn vum beschriwwene Virsiichtprinzip gehandelt?
4. Wéi ass de Lëtzebuerger Berufspompjeeën hir Positioun heizou?
5. Wie wier responsabel, wann et am Laf vun der Realisatioun vun esou engem Wandmillen-Projet, no bei den Awunner, zu engem Brandfall kéim?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten